N°7131
Entrée le 08.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7131 vum 7. November 2022 vun der honorabeler Madamm Deputéiert Martine Hansen.**

Den Gesondheetsministère huet Récksprooch geholl mam Spidol mee kann aus Grënn vun der ärztlecher Schweigepflicht net op spezifesch Fäll agoen.

Fir chirurgesch Noutfäll bei Kanner ass am Gardenplang een pediatreschen Chirurg sur place virgesinn an gëtt ënnerstëtzt vun engem weideren Dokter no Bedarf. Je no Schweregrad vum Patient mussen Prioritéiten an der Prise en Charge gemaach ginn.

D'Waardezäiten an der Kannerklinik sinn an deenen leschten Wochen an d'Luucht gaang bedéngt duerch die grouss Unzuel vun Patienten an den Urgencen. Allerdéngs gëtt den 'Tri de gravité' vun den Patienten séier duerchgefouert. Deementspriechend ginn déi Patienten, déi eng séier Prise en Charge benéidegen, ëmmer prioritär ënnersicht.

D'Patienten, fir déi eng normal Consultatioun duer geet, mussen deementspriechend waarden bis d'Patienten mat engem méi schlëmmen Krankheetsbild traitéiert goufen.

Am Duerchschnëtt läit am Joer 2022 bis Enn November d'Waardezait bei 13 Minutten wat den Délai zwëschen der Admissioun an dem „Triage de gravité" ugeet.

Den Duerchschnëtt vun den Waardezäiten fir all Schweregrad vun Patienten läit bei 1 Stonn an 31 Minutten (Délai zwëschen der Admissioun an dem éischten medizineschen Kontakt) woubäi d'Waardezait bei manner schwéieren Anstufungen zousätzlech méi laang ass.

Verschidden Moosnamen goufen kuerzfristeg am Zesummenhang mat der Bronchiolite Epidemie ergraff:

- d'Personal an den urgences pédiatriques gouf verstäerkt via Ressourcen aus der Réserve sanitaire
- eng zousätzlech „Fasttrack" Linn gouf installéiert fir d'Waardesäll méi séier kënnen ze entlaaschten,
- eng Preventiounskampagne géint Bronchiolite Epidemie ass den Moment am gaangen.

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert